



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7912 vum 21. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

All 83 Zich vun der CFL sinn accessibel fir Rollstullfuerer/innen a Persoune mat Kutsch. Bei Faarten u Bord vu engem vun den 21 eeleren Zich vun der Serie Z2000, ass et awer sou datt e Client mat Rollstull sech muss am Virfeld beim Service PMR (per Mail: pmr@cfl.lu oder per Telefon: 2489-2489) mellen, dëst well dës Serie vun Zich, duerch hier Konstruktioun, keng Ramp kann d'office matsechféieren.

Dës Service trëfft dann déi néideg Dispositiounen fir datt an dësem Zuch dann och eng Ramp bereet steet fir de Client.

Am Fall vun enger Persoun mat Kutsch, déi an engem Zuch vun dëser Serie wëll matfueren, ass des Demarche net néideg.

Bis op déi besoten 21 Zich vun der Serie Z2000, verfügen all d'Zich iwwer Rampen, déi sech u Bord vun dëse befannen, a bei Bedarf kënnen agesat ginn. Dës entsprécht de Moment 74,7% vum Rullmaterial.

Mat der Liwwerung vun de 34 neien Duebelstäckeg-Automotricen vun der Serie 2400 / 2450, tëschen 2023 an 2025, wäerten d'Zich vun der Serie Z2000 dann awer progressiv ausser Betrib geholl ginn, soudatt duerno 100% vu den Zich iwwer Rampen verfügen.

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch